ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 84 vum Chambersreglement) un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Impfkampagn géint Covid-19 krut de Konviktsgaart – Résidence Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte vum Ministär d'Zouso, datt d'Bewunner an d'Personal vun där Institutioun am Fleegeheem selwer géife geimpft ginn. Nodeems d'Leedung vum Konviktsgaart schonns déi néideg Virbereedunge getraff hat, krut si vum Ministär déi onerwaart Noriicht, datt de Konviktsgaart net méi op der Lëscht vun deenen Haiser géif stoen, wou d'Bewunner an d'Personal automatesch géife geimpft ginn. Dat heescht am Kloertext, datt d'Bewunner vum Konviktsgaart, deen als „Logement encadré" agestuuft gëtt, esou behandelt gi wéi Leit, déi bei sech doheem wunnen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Wéi ass et méiglech, datt eng Zouso vum Gesondheetsministär, bei där et ëm d'Liewe vu besonnesch vulnerable Mënsche geet, sou kuerzfristeg zréckgeholl gouf?
2. Firwat musse sech eeler Mënschen, déi zum Deel net iwwer technesch Fäegkeete verfügen, iwwer een Zougankscode um Site vum Gesondheetsministär umellen, fir een Impfrendezvous ze kréien? Kéint een dëse Leit, déi zum Deel kee Mënsch hunn, deen hinne bei dëser Prozedur hëllefe kéint, net dës technesch Problemer erspueren?
3. Ginn et Iwwerleeungen, fir an Zukunft Leit, déi keng Famill hunn, déi mat hinnen an den Impfzenter fiert, sur place an hirem Logement encadré impfen ze loossen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen